## Carte Blanche Pierre Hurt directeur OAI

VER 12/10/2020

## RTL Radio 14/10/2020 12h50

### Titre

**Wat brauch eng Gesellschaft, fir eng reell Liewensqualitéit ?**

### Annonce

Gratis gëtt et net. Bëlleg ass meeschtens ze deier.

D'Ëmweltkris wie och d'Sanitärkris hun däitlech gemaach, mir brauchen a System den ons Ressourcen, ons Aarbecht a Kultur fair et richteg valoriséiert no dem Mehrwert fir eis Zesummeliewen.

Vum **Pierre HURT** Directeur de l'Ordre des Architectes et des Ingénieurs-Conseils (**oai.lu**)

### Texte

**Wat brauch eng Gesellschaft, fir eng reell Liewensqualitéit ?**

Gratis gëtt et net. Bëlleg ass meeschtens ze deier.

Zum Beispill : déi soi-disant gratis Applikatiounen op den Réseaux sociaux, sinn dat deierst wat mir benotzen, well mir bezuelen mat eisem Privatliewen.

D'Ëmweltkris wie och d'Sanitärkris hun däitlech gemaach, mir brauchen a System den ons Ressourcen, ons Aarbecht a Kultur fair valoriséiert no der Plus-value fir eis Zesummeliewen.

Perséinlech hunn ech säit 30 Joer Chance mat villen Benevole den OAI matzegestalten. Force an Credibilitéit vum Ordre leit am Ausfëllen vun sengen 3 Missiounen ouni eng géint déi aner auszespillen:

legal Missiounen,
professionell Aufgaben
an Missions d'intérêt général et culturel.

**Dobäi ëmmer dat grousst Ganzt am Bléckfeld ze hunn**: **a qualitativen Cadre de vie den a gutt Zesummeliewen erméiglecht.**

**Ons Memberen Architekten, Ingenieuren, Urbanisten maachen dat och all Dag.** Et geet drëm All Aspekter an déi oft divers Interessien vum Bauhär, den Utilisateuren, der Ëmwelt an vun ons alleguer ener en Hutt ze kréien.

**Eng Gesellschaft gedéit wann**

**Den Staat** - mat den Pouvoir legislativ exekutiv et judikativ-
den néidegen a fairen Kader setzt, besonnesch och an der Educatioun.

**Société civile** d'Impulser gëtt fir nei Weeër.

**Fräi Medien** waachsam sinn.

**Kommerziell handwierks a industriell Acteuren** hir Potenzial entfalen kënnen.

**Opgekläerten Bierger**, well mir all zesummen sinn responsabel,
**begleet ginn vun onofhängegen, intellektuellen Beruffer**.

Well Si kucken konkret a ganz transparent um Terrain dat ons gemeinsam Zieler och richteg nohalteg ëmgesat ginn.

An dofir brauchen mir a **méi grousst Verständnis fir déi reell Plus-value, an och eng besser a gerecht Valorisatioun vun den liberalen Beruffer.**

**Liewensqualitéit kann een net dekretéieren, mä si fundéiert op gemeinsamen Valeuren**.

Mir brauchen motivéiert a fräi Fraen a Männer déi,
mat beschtem Wëssen a Gewëssen, dat grousst Ganzt am Bléck behalen, fir ons all.

**Pierre Hurt**